

edito

Léif Kolleginnen, Léif Kollegen,

Als éischt wëll ech all deenen, déi grad dësen Newsletter an den Hänn halen, vill Gléck an eng gutt Gesondheet am neie Joer wënschen.

Elo gëtt de Chrëschtbeemchen esou lues ofgeriicht, déi gutt Virsätz fir dat neit Joer stinn a mir starten all mat frëscher Motivatioun an dat neit Trimester.

No all den Neierungen, déi mer 2016 am CDI realiséiere konnten, wäerte mer och am neie Joer probéieren, un déi Fortschrëtter unzknäppen.

A wann der nach e Buch braucht, fir mat ärer Klass ze liesen, zéckt net, dem CDI e Besuch ofzestatten.

Bis dann a vill Spaass beim Liesen.

Sarah Krecké

wat leeft am CDI?

Mir hunn nach eng Kéier d'Ëffnungszäiten de Besoinen vun eise Visiteuren ugepasst. Deemno ass den CDI elo vu Méindes bis Freides **vu 7:15 bis 16:00 Auer** op.

De Wocheplang fir d'Étude Info gesäit bis op Weideres esou aus:

- Méindes bis Donneschdes vu 14:00 bis 16:30 am Sall B201
- Freides vu 14:00 bis 16:00 am CDI

Merci fir äert Versteesdemech.

nei I

Nei DVDen


Enn des Joers krute mer per Don e puer nei DVDen eran, notamment "Auf dem Weg zur Schule". Dëst ass e Film iwver véier Kanner, déi e méi aussergewöhnleche Schoulwee hunn. Den Jackson aus Patagonien, d'Zahira aus Marokko, de Samuel aus Indien an de Carlito aus Argentinie wësse, wéi wichteg hir Ausbildung ass a leeën all Dag e laangen, deels geféierleche Wee zeréck, fir an d'Schoul ze



kommen. Ideal fir Klasse vu 7e bis 10e/4e. Weider nei DVDen sinn "Die Geschichte vom weinenden Kamel" a "Little Miss Sunshine".

nei II

Tintin au Tibet (Hergé)



D'nächst Woch kréie mer eng B.D. erëm eran, déi mer virun enger Zäitche schonn eng Kéier haten: **Tintin au Tibet** vum Hergé:

En vacances à Vargèse, une station savoyarde imaginaire, avec le capitaine Haddock et le professeur Tournesol, Tintin apprend par le journal une catastrophe aérienne au Tibet. Le soir même au cours d'une partie d'échecs avec le capitaine, Tintin s'endort et fait un rêve où il voit son vieil ami Tchang, seul dans la neige, l'appelant au secours. Le lendemain, Tintin reçoit justement une lettre de Tchang, qui lui annonce sa prochaine visite. Il se rend compte que ce dernier était justement dans l'avion qui s'est écrasé en Himalaya dans le massif du Gosainthan.

Dëst Buch ka mat Klassen ab 7e gelies ginn.

Wousst der schon...

...dass virausgesot gëtt, dass an 3 Joer 75% vun alle Bicher online kaf ginn an nëmmen nach 25% a Librairien?

...dass an Island déi meeschte Bicher pro Kapp gelies ginn?

...dass fréier "Alice in Wonderland" a groussen Deeler vu China verbuede war, well et eng Beleidigung vum Mënsch duergestallt huet, dass d'Déiere schwätze kënnen?